PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Duerch d'Stroumgesetz ass den intelligenten Stroumzieler (Smarty) zu Lëtzebuerg obligatoresch ginn.

Dës Generatioun vu Compteur bréngt Virdeeler mat sech, wéi zum Beispill, dass de Verbraucher méi präziis Informatiounen iwwert säi Stroumverbrauch kritt an domadder de Stroumverbrauch kann optimiséiert an d'Ressourceverschwendung verhënnert ginn. Och brauchen d'Stroumfournisseuren d'Compteuren net méi ofliesen ze kommen, fir de Stroumverbrauch ze schätzen.

Net jiddereen ass allerdings averstanen mam massiven Ausbau vun den intelligenten Stroumzieler an dëst aus verschiddene Grënn. Op der enger Säit existéiert de Problem vum Dateschutz, wat schonns viru Joren an der parlamentarescher Fro n°3275 eng Keier ugeschnidde gouf. Dann ginn et och Problemer technescher Natur, wann déi intelligent Compteuren net gutt funktionnéieren an esou zum Beispill zu Problemer bei der Facturatioun féieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill intelligent Compteuren sinn insgesamt hei zu Lëtzebuerg installéiert ginn?
2. Wéi vill huet d'Installatioun vun den intelligente Compteuren am ganze Land insgesamt kascht?
3. Wéi vill Reklamatiounen an Zesummenhang mat der Ëmstellung op intelligent Compteuren sinn insgesamt agereecht ginn?
   A wéi eng Kategorien ënnerdeelen sech dës Reklamatioun (Facturatioun, Technik, etc.) a wéi verdeelen sech dës Fäll an dëse Kategorien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten